

# Den dâwe Papp

Kome'de'steck an engem Akt

vum

J. P. a G. G.

---

Nodrock verbueden  
All Rechter virbehalen

---



1921

Letzeburg — Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS  
J. P. WORRÉ, Nofolger



## PERSONEN:

Jang Flepp, e reiche Gutshesitzer (en tuddelt starék);  
Hári Stura, e Jéer;

Josef, dem Flepp sei Bedéngter;

E Bannpre'ter.


E Gärtner.

D'Stéck drétt sech zo' am Salon vum Flepp

## DEKORATION:

E Salon. Ob be'd Seiten ann an der Mett eng Dir.  
Rechts niewent der mettelster Dir eng Fenster. Vrun der  
Fenster e Kanapé. Lenks niewent der mettelster Dir un  
der Mauer eng Landkärt. En Desch mat enger Blumme-  
vas, Still a. s. w.

N. B. Fir dem Stéck e gudden Effet ze gin, ass et  
ubruecht, de Salon reich ze mivléeren.



## I. Scène.

Josef (mat engem Bre'f an der Hand vu rechts): Alt schon erem e Bre'f. Dat ass dat ênzechet wat ên hei vun der Welt geseit (e result de Kapp). Zenter drci Jör, wo' den Hér Flepp tout-à-couj daw gin ass, geseit é kë Mensch me' hei am Haus! "T mengt ên e wär zenter der Zeit menscheschei gin. "T ass schrecklech, wirklech schrecklech. Am mëschten ass de' ârem Joffer Ketty derbei geplot. Dat ârent Kant verdréchent hei we' e Béckerlénk! "T ass wirklech trauerig. Ass dat dann och eng Ciesellschaft fir eso" e le'ft leschtech Médchen, den alen, däwe Kärel? — En huet emmer schon dresséch Bre'f kritt, wo' è fir sei Médche frét, an emmer set en: «Joloseff, dadat ass den Fééden niet, den ech miennemer gedrémt luhluhum.» An ech hun den alen Aaf um Bockel setzen, an ech muss mech nat en erem schlön. All ons Hoffnung hu mer elo op e berümlite Gefimescher gesät, den de' daw Leit à la minute héle soll. Mer hun em geschriwen, e soll kommen, mè mir wârden nach emmer op eng Entwert! "T ass fir d'Nei Bréck erop ze sprangen. Ech fir mein Déi ka mech geschwen nemmin mc' durch Gësten ausdrécken. Welt én em eppes emmer ve'er Ae soen, da muss è brelle we' en lesel. A wann én em eppes hemlech welt beibréngen, da muss én sech hal den Hals erof ietzen, fir datt en è verstêt. Ech halen et net mé läng hei aus. Aha — do kent en.

## II. Scène.

Josef, Flepp.

Flepp (kent eran, a liest an engem Buch): «Die Schwerhörigkeit ist eines der läufigsten Übel, welches den Menschen....» (e schwätz) Natirlech, dat as klôr we' Convikszap.

Josef: Hür Flepp (e jeitzt hârt) Hér Flepp, hei ass e Bre'f! (hält en de Bre'f enniert d'Nues.)

Flepp: All du bass do, Josef? Mè wuefir sés de dann net gleich: Hei ass; e Bre'f? (setzt sech.)

Josef (gut op en dir a sét fir sech): Grad we' wann en dat net gehe'ert hätt. Dat ass sicher erem e Bre'f vun engem Freier.

D'Medercher hun dach scharef Nuesen wann et iwert d'Be-studen hir gêt. D'Ketty huet mer allzeit schon zéngmol gesot, ech soll gutt uecht gin, wat dra sténg. An 't ass och guer net schwé'er, wèll den Alen mer all seng Bre'f hârt virliest. Natirlech o'ni duefir ze können. Wèll hien dâw ass, he'ert en sech net schwètzen, a wann ên ochi brellt we' eng Otomobils-Tût. Duerfir fällt et mer och net schwé'er, seng Gedanken ze errodnen, eng Sâch, de' mer vill Ples'er mecht.

**Flepp** (huet de Bre'f opgemâcht): Wat kens de eso' no bei mech schmoffelen, 't ass secher eppes dran wat dech neischt ugêt. an dann . . . (e gêt eso' weit ewe' me'glech vum Josef ewéch a liest hârt): Werter Herr! Ich glaube eine gute Partie für Ihre Tochter gefunden zu haben, ein junger Mann aus gutem Hause, wohlerzogen und dabei sehr reich . . . (stécht de Bre'f an d'Täsch.)

**Josef:** Net, wat him ech nu gesot? Hat ech net recht?

**Flepp** (fir sech): Jo, dat ass nun alles sche'n a gutt, reich an aus guddem Haus . . . ower 't ass dach net den Edem, den ech mer gedrênit hun.

**Josef:** Alt schon erem de' al Leier, emmer de verflixten Edem, dat gêt engem scho schwé'er op de Mo. Alt erem eng sche'n Occasio'n passe'eren ze lössen, fir sengem Médchen zu engem Man ze verhellefen. Am Enn bleiwt et setzen, an dann hänkt en do mat de Jicken (e reselt de Kapp a gêt of).

### III. Scène.

**Flepp** (liest hârt): Die Schwerhörigkeit ist eines der lästigsten Uebel welches . . . (e schwètzt.) An dach huet se mer scho vill genotzt. We' meng Fra nach geliewt huet — Gott ge'f er d'e'wéch Ro'! -- du huet se mer vill Roserei erspuert. Wèll dann hun ech all de' Moralpriestedchten net gehe'ert, de' se mer gehalen huet. An elo, wo' ech neischt me' vun er ze virechten hun, ge'f ech och erem gèr he'eren. D'Dokteren hun ewèll schon all u mer erem geknoschtet, ower 't huet nach kén eppes vèrdéch bruecht. Nu lössen ech nach e berühmten Dokter kommen, dé sét e ge'f de' dâw Leit à la minute mam Elektro-Akustico-Galvanismus hêlen. Ech hun em geschriwen e soll kommen, mè ech wârden nach emmer op eng Entwert (en hellt d'Buch erem a liest): Man muss vor allem untersuchen ob das Trommelfell sich in normalem Zustand befindet, ob es nicht verdickt oder geplatzt ist, ob die Gehörknöchelchen intakt geblieben sind . . . (en ennersicht mat enger Spéngel sein O'er.) Echi mengen, ech ge'f d'Gehörknöchelchen deitlech fillen (e liest): Ob die Eustachische Röhre verstopft ist. (E schwètzt): Ob die Eustachische Röhre verstopft ist . . . ech muss emol de Josef durno kucke lössen. (E rifft): Josef! -- Josef! (E liest weider.)

### IV. Scène.

**Josef, Flepp.**

**Josef** (kent mat enger Vas eran, de' e fale le'st.)

**Flepp:** Josef! (e liest weider.)

**Josef:** En huet neischt dervu gehe'ert, eso' gêt e gewe'nlech. 'T ass wirklech eng Fréd hei eppes ze briechen. 'T leit mer och neischt me' drun.

**Flepp** (rifft hârt): Josef!

**Josef:** Ech ma grad, ewe' wan ech neischt gehe'ert hätt a ma'n de' Sâch ganz gemütlech, ech mâ mer et eso' bequem we' neme me'glech. Mon Dieu, de Mensch huet schon eso' we' eso' Verdross genoch op der Welt.

**Flepp** (rifft emmer me' hârt): Josef!

**Josef:** Jo, brell neimmen, Alen, ech gin der dach keng Entwert, bis de' Sâch hei an der Rei ass. (En helt eng Kierbischt a kiert d'Schirbelen zur Dir eraus): Voilà! (En helt d'Bischt ennert den Arem a gêt bei d'Landkart.)

**Flepp** (stêt op): Josef! Ma foi, ech muss e sèlwer siche gon. (E gêt bis bei de Josef a brellt em an d'O'er): Josef!

**Josef:** (erschreckt): Nondikass! Der Schenner soll iech huelen. Wat lu dir mech elo erschrecke gedon.

**Flepp:** Ech hun dech ewèll scho fönef Mol geruf, 't mengt ê grad, du wârs dâw. Iwerhâpt, wat hues du op der Landkart Krichspolitik ze dreiwen?

**Josef:** Ass dat nun net fir ze lâchen. Si son d'Franzo'sen wâren zu Pareis.

**Flepp:** Wat sê's de?

**Josef:** Keng Ursâch.

**Flepp:** Wat sê's de?

**Josef:** Si gin de Kano'nен ewèll Méderchesnimm. 'T hêscbt alt eng «Die dicke Bertha».

**Flepp:** Aha, jo, dât ka jo sin. Mè nu komm emol heihin an da kucks de emol a mein O'er, op meng (e kuckt an d'Buch) «Eustachische Röhre» net verstopft ass.

**Josef:** Bedeitend. Eusta . . . Eustachius. Sot, wat fir e mengt der? Ech hun en Neveu den Eustachius hêscbt.

**Flepp:** (nerve's): Da kuck emol.

**Josef:** Wat soll ech da kucken?

**Flepp:** A mein O'er, no der (e kuckt an d'Buch) «Eustachischen Röhre».

**Josef** (kuckt ein an d'O'er): Am Enn huet en nach en 42 cm. Kano'nero'er am O'er. Dat wär ze vill gelungen.

**Flepp:** Geseis de eppes?

**Josef:** Nen, ech gesin neischt.

**Flepp:** Wat sès de?

**Josef:** Ech son, dass ech kē Kano'nero'er an och kēn Eustachius dra gesin.

**Flepp:** Zu mengem grësse Lēd muss ech konstate'ren, Josef, dass deng Stemm an der lëschter Zeit vill me' schwach gin ass.

**Josef:** Wat eng faul.

**Flepp:** Nu jé, dat mecht neischt. Ech halen eppes op deek, Josef, wëlls de emmer eso' se'er bei der Hand bass.

**Josef:** Ech mengen dat ower och.

**Flepp:** A wëlls de eso' besuergt em mech bass.

**Josef:** Maja, gell dirt. O Mamm, we' se'er ass de Mensch dach zefridde gestalt.

**Flepp:** Et mengt ên, du an ech an ech an du, mer wären nemmen eng Perso'n. Du wëss eso' guer emmer wat ech denken.

**Josef:** T ass och guer net schwe'er.

**Flepp** (op der Seit): Wat soll ech dach de Mettech emol iessen. Aha, Gebrode Gromperen mat Kallefszong. D'ás eppes feines. (Zum Josef): Josef, ech ge'ng de Mettech emol gér, ge . . .

**Josef:** Gebrode Gromperen mat Kallefszong iessen, net?

**Flepp:** Ech leien um Reck. Dat begreifen ech faktesch net. Ech hat dat Würt elo grad op der Zong. Oh Josef, ech wërt der deng Dengschter schon ze belo'ne wessen. He'ers de? Du solls a mengem Testament ston. Ech son net mat wivill, mè dra stoe solls de. (Op der Seit): Jo, mat fofzenghonnert Frang.

**Josef:** Alt erem de' al Leier. Fofzenghonnert Frang. We' oft huet en seeli scho verschwat?

**Stemmen hannert der Bühn:** Hält en un! Hält en un!

**Josef:** A wat ass dann do lass. (E gêt bei d'Fenster, et sche'sst eng Ke'er.)

**Flepp:** Gott sén déch, Josef. (Et sche'sst nach eng Ke'er.) Nach emol Gott sén déch. D'Jess du hues dech al erkalt, trotz denge fennef Kalzongan.

**Josef** (lëft bei d'Dir a rifft): Hei, he'er der, do duerf kēn era gon. Hei get net brakonne'ert. Hält en un.

**Flepp** (lëft och bei d'Dir): Wat ass do lass?

**Josef:** E Jéer, e Brakommier, si gin em no, en trellt durch d'Hécken, en trett d'Blumme futti (e rifft me' hârt): Hält en un, hält en un!

**Flepp:** O de Fatzbeidel, e vertreppelt alles, meng sche'n Hécken a meng sche' Blummen. Aha, de Pre'ter gêt em no, den Dabo krit en och net. De lëft do cremmer we' wann en sèchs Granaten bei den Dëckel kritt hätt. Den Neischnotz, de Leis-deiwei, den Hongerlidder. Lo lëft en sech an d'Zér verstoppen. Wo' ass mei Gewîr, Josef, se'er mei Gewîr!

**Josef** (lëft lenks zur Dir aus a kent gleich drop mat engem (Gewîr eran): Heit.

**Flepp:** Allons, wif an d'Zère, Josef!

**Josef:** Nén, nén, nén, git Dir vir. (Flepp of, Josef hennendrun.)

## V. Scène.

**Stura** (durch d'Fenster lenks eran): Hei muss e sin. Ech gesin neischt. Wo' soll de verfluchten Hues nemme stiechen (e kuckt ronderem sech, an ennert den Desch). Hm, hm, tiens, d'Lo'der ass derdûrch. (E lét sei Gewîr op den Desch, setzt sech a botzt sech de Schwëss of.) Do wor ech engem Hues op der Spûr, de wuel drei Frang, lösse mer son drei Frang an en halwen wërt war. Ir d'Son opgång ass, wor ech schoen aus de Fiederien, ech huuelen mei Gewîr a gin op d'Juecht. Kaum wor ech hennert Meter weit um Feld, du dreiwte mein Hond en Hues op; e schwe'ere Kirel, den nemmelechten, den ech elo do ereminer siche gin. Ech léen un, bum, den Hues mecht Bén. Mei Gewîr hat versot. Ech gin em no, luede fresch, an halen de Kërel fêst am A. Du mecht en op êmol demi-tour à droite, an u' wor en. Ech gesin e Bauer de grad do stong a ruïfen em zo': «Dreiwt en hei hin. Dir krit e gutt Drenkgeld.» Fir en Hues den nemmen drei Frang an en halwen wërt wor, o lösse mer son drei Frang fennef a siwenzéch. De Man dreiwte den Hues zreck, mein Hond hennendrun, ech léen un, den Hond wor vrëckt. Ech lesel hat den Hond ge-traff apláz den Hues. En Hond vu we'négstens dresséng Frang. Den Hues, den drei Frang fennef a siwenzéch wërt wor, quoi, mir huuelen un, ve'er Frang, dem Bauer sein Drenkgeld an den Hond kascht mech alles an allem fennefandresseg Frang. An ech hun en nach net emol. Ech luede fresch a gin em an enger Roserei erem no. E spréngt iwer eng Hëck. Ech och. E fellt op d'fischt Patten. Ech och. E balance'ert sech op d'liennescht Bén, a wèll ech dat ower net kont, trellen ech iun op de Réck. Ech hu gemënt, ech wär do't, a wolt schon Hellef ruffen, du hun ech d'Bauceren gesi kommen, mat Meschtgréfer, Biesemen, Se'sselen, an 't hat alt ên eng Flent aus dem Anno Tubak. Du krut ech op êmol de Rennert. Op êmol hun ech en aus dem A verlur, ech hu gemëngt, e wèr hei era gelaf, mè elo gesin ech, dat dat net de Fall ass. Elo sin ech iun hei. We' de' Geschicht aus gêt, wëss ech net. Mè eppes wëss ech, dass ech fir me' we' siechzéch Frang Schued gemächkt hun. Wann ech de' nach derbei rechnen, da kre'en ech bal fennefannongzéch Frang ze blechien. An de Prozess den ech nach op de Pélz kre'en. An dat alles fir en Hues vu ve'er Frang, lösse mer son, ve'er Frang an en halwen! (T he'ert ên Trett.) O Jess, do kommen se. Elo muss ech d'Lach sichen. (En hellt sei Gewîr a welt durch d'Dir an der Mett fort, mè de Flepp an de Gärtner lösseen en net eraus, e lëft no rechts, do kent de Pre'ter eran a lenks de Josef.)

## VI. Scène.

*Stura, Flepp, de Gärtner, de Pre'ter a Josef.*

**Pre'ter:** Do ass en (weist op de Stura).

**Gärtner:** Jo, dat ass en.

**Flepp:** De Full ass gefäng. Arrete'ert en!

**Stura:** We'? Wat? (E wellt fortlaufen.)

**Pre'ter:** Au nom de la loi, vous êtes arrêté, dat liéscht op Deitsch dat sélwecht. (En hellt em d'Gewir of an heilt e beim Arem.)

**Stura:** Dat do ka sche' gin.

**Flepp** (hört zum Stura): We' konnt Dir lech ennerston, eso' moi rien toi rien . . .

**Josef:** Mir neischt, dir neischt.

**Flepp:** . . . durch mei Gart ze besselen. An Dir hut lech emol net gene'ert hei bei mengem Haus ze sche'ssen.

**Josef:** An op de' Gefor hin, dass den ên oder den aneren vun ons hätt kennen erschoss gin oder vu Schrecke stirwen.

**Flepp:** Wesst Dir net wat fir eng Strof dass der ze erwârden hut?

**Stura** (op der Seit): O Mamm, dat do gêt gutt.

**Flepp** (hört): We' ass Eren Num?

**Stura** (lues): Mein Num? . . . Hm. E flotte Witz.

**Josef** (hört zum Flepp): E hêsch Flotteritz. T ass secher e Polak.

**Flepp** (op der Seit): Wat sét en? E Polak?

**Josef** (zum Stura): Ech hun dach geruff: Verbuedenen Agank. Mè nén, 't mengt ê grad 't hätt ên engem Dâwen dat gesot. Dir sit secher op zwé O'eren dâw, wc'?

**Stura** (op der Seit): Ma foi, elo fällt mer eppes an.

**Flepp** (zum Josef): Wat set en?

**Josef:** E set neischt.

**Stura:** Jo, dat ass den ênzége Wé. (Zum Flepp): Hèr Flepp. wel der net wann ech gelisit eso' frendlech sin fir mer ewé'neg . . .

**Flepp:** Wat ewé'neg?

**Stura** (mecht we' wann e ge'f schreiwen): Get mer Pobeier!

**Josef** (verwonert): Pobeier? Wuefir?

**Flepp** (zum Josef): Wat sét en?

**Josef** (hört): En hätt gér Pobeier.

**Flepp:** Aha! Mè do leit es (weist op den Desch).

**Stura:** Bong. (E gêt bei den Desch a schreiwt e pur Wuert op en Ziedel.)

**Josef** (op der Seit): Dat kann elo epnes gin.

**Stura** (gett dem Josef de Pobeier): Heit, liest dat.

**Josef** (gett dem Flepp en): Kent Dir aus dem Gedéssems do gescheit gin, Hèr?

**Flepp** (liest hârt): Mein Herr, es tut mir leid, dass eine vollständige Taubheit mich nötigt . . . (ganz zefritten): Dâw! dâw! En ass dâw, hu der et gehe'ert?

**Pre'ter:** Dâw?

**Gärtner:** Dâw?

**Flepp** (zum Stura): Si Dir dâw?

**Stura** (hârt): Me' brâw ewe' Dir. Vun onser Fainiljen so'tz nach kén am Prisong.

**Flepp** (hârt): Ech fron net op Er Familjen brâw wor, ech fron, op Dir dâw sit.

**Stura** (hârt): Ah bon. Comme-ci, Comme-ca. T gêt nach ewell.

**Flepp** (zum Josef): Dâw! O mei le'we Josef, endlech hun ech e fond, den Edem den ech mer gedrêmt hun.

**Josef:** We'? Wat hu der fond?

**Flepp** (lächt ganz zefritten).

**Stura** (bekuckt de Flepp): Hei, e lächt, en ass we' et scie'nt gutt opgeluecht.

**Flepp** (op der Seit): Elo gelt et. (Zum Gärtner a Pre'ter): Kuckt dass dir zwe'n emol hei eraus kommt. D'Sâch ass an der Rei, dir braucht kê Protokoll ze mân.

**Gärtner a Pre'ter** (iwerdem wo' se of gin): Awar dir Hêren.

**Josef:** Awar.

—

## VII. Scène.

*Stura, Flepp, Josef.*

**Josef:** Endlech hu mer e fond, den Edem de mer ons gedrêmt hun. En Dâwen. Dât wären also elo zwê Dâwer? . . . Eng sche'n Aussicht.

**Flepp** (zum Josef): Josef, huel dem Hèr seng Sâchen of. (De Josef hellt d'Sâchen, dre't se hannert Bün a kent gleich erem erau.)

**Flepp** (zum Stura): Setzt lech (de Stura stellt sich dâw). Wat e Giléck, en he'ert neischt. (Me' hârt): Huelt lech Plätz, setzt lech!

**Stura** (op der Seit): Fir wien ass nun eigentlech de' Frendlech-kêt, fir den Dâwen oder de Polak.

**Flepp** (op der Seit): En huet e ganzt geistreicht Extérieur. (E mecht e Giest, dass de Stura sech soll setzen.)

**Stura** (mecht och e Giest): Dir git vir (si setzen sech lues).

**Josef:** Nu brot ower ê mer e Frèsch. Wât soll ech neimmen em Gottes wellen mat denen zwê dâwe Lècher ufenken?

**Flepp** (zum Stura): Dir wèrt Iech gewess wonneren, dass ech op êmol eso' frendlech mat lech sin . . .

**Josef:** Komma. (Mecht mami Fanger vun uewen no ennen, we' wann e ge'f e Komma man.)

**Flepp:** . . . mè zenter dass ech wéss, dass der dâw sit, hu der e Recht op meng Freundschaft.

**Josef:** Ponkt. (E mecht dat betreffend Zéchen.)

**Stura** (op der Seit): Also hun ech de' E'er, wèl ech dâw sin.

**Flepp** (zum Josef): Donnerliewech, wann en alt nemme net bestuet ass. (Ganz hârt zum Stura): Si Dir nach Jonggesell?

**Stura** (op der Seit): Wat hätt den alen Aaf nemme gèr?

**Josef** (op der Seit): Ech welt en hätt eng Bèckeschdose Kanner. (Hârt zum Stura): Dir sit op jidde Fall bestuet, net?

**Stura:** Nên.

**Josef:** Nondikabes. En ass nach Jonggesell. De Leisdeiwel.

**Flepp** (glecklech): Ech mengen, en hätt nê gesot. (Zum Stura): Si Dir nach Jonggesell, nach net bestuet? (En hält sein O'er bei dem Stura sein Mond.)

**Stura:** Jo!

**Flepp:** Wat sot der?

**Stura** (ganz hârt): Jo! jo!

**Flepp:** Ech mengen en hätt «io» gesot. (Leschteg): Jonggesell, net bestuet, dat ass den Edem, den ech mer gedrémt hun. (Zum Stura): Hun ech vleicht d'E'er lech de Mettech bei mer um Desch zu gesin.

**Stura** (fir sech): Den ass we' et schéngt ganz fir mech: a gehol. (Hârt): Mat der grësster Pleséier.

**Flepp** (zum Josef): Josef, dèck haut de Mettech den Desch fir drei Perso'nен, an aplätz em 12 Auer ere'schit em èng.

**Josef** (fir sech): Bong. Mè wart. Dir kritt e Frös wo' der nach lâng drun dènkt. Ech gin deni Déckkapp vu Flotteritz ower lass.

**Flepp:** Da ge' och elo sche'n, Josef.

**Josef:** Jo.

**Flepp** (opgerégt): Se'er, mâch dass de eraus kens. Soss kommen ech der no.

**Josef:** O'ni de' fofzenghonnert Frang an dengem Testament ge' ech mech ower net eso' kommande're lôssen. De Man Gottes ass haut erem ganz verréckt. Jo 't ass wo'er. Alen.

**Flepp:** Jo, ech wéss et, Josef, ech war nach emmer ganz zefridde mat der.

**Josef** (of):

**VIII. Scène.**

*Flepp, Stura, hérno Josef.*

**Stura** (zum Flepp, hârt): Wo' kent Dir erlaben, dass de Flégel...

**Flepp:** Gewess, gewess, 't ass en treie Kärel, en Exempel vum Fleiss a vun der Arbecht.

**Stura** (op der Seit): T ass wirklech wo'er, en he'ert eso' vill we' den Desch do.

**Flepp:** Elo, Hèr Flotteritz zur Sâch. Mer müssen emol versten-nech mat enén schwètzen.

**Stura** (fir sech): Wat e Getuddels. (Hârt zum Flepp): Sot, tud-delt Dir emmer?

**Flepp:** Nén, nemme wann ech schwètzen. Nu lauschtet. Ech si gewinnt, alles wat mer um Hierz setzt, richt eraus ze son.

**Stura** (fir sech): Jo, dann duerft Dir ower net tuddelen.

**Flepp:** Ech hun lech: invite'ert fir de Mettech bei mer z'iessen. Wann der ower mengt, dass der Iech kent op meng Këschten de Gudden un dun, dann irt Der Iech. Wann Der net dâw wârt, an Dir wârt bestuet, da sc'tzt Der ewèll lâng am Gronn; ower Dir sit Jonggesell, an ech si Papp . . . Papp vun enger Duechter. Nu wéss ech net, op Dir er gefâlt . . .

**Stura:** Hoffentlech net.

**Flepp:** . . . Mè Dir gefâlt mir, an duerfir soll Dir mein Edem gin.

**Stura** (fir sech): Dat Medchen huet sicher e Bockel (e stêt op).

**Flepp:** Et krit honnertausend Frang mat.

**Stura** (fir sech): Dann huet et sicher zwê Bockelen (e verneipt sech a welt gen).

**Flepp** (hält en zreck): Ech hun nun emol moi Kapp drop gesat, a wann der och Multimillionär wârt. Dir krit moi Medchen net, wann der net dâw wârt. Nu lauschtet emol no.

**Stura:** Ech lauschteren.

**Flepp:** Dir huet secher nach net ennuucht geholl, dass ech dâw sin?

**Stura** (op der Seit): Wat en Tupi!

**Flepp:** Abé, ech wel lech verroden, dass ech net ganz gutt he'eren.

**Stura:** Ass dat och wo'er?

**Flepp:** Ech wunnen elèng hei mat menger Duechter. Et geseit d'ganzi Jör weider kén ewé mech, an . . .

**Stura** (fir sech): Wat muss de' eng Strass hun!

**Flepp:** . . . nu stèllt lech emol vir, dass teschent mir a menger Duechter en Edem stêng, ê vun dene sechsandresseg de' sech scho presente'ert hun, an den nach seng gut O'eren hätt. Meng Duechter an bien gengen dann natirlech matenaner schwètzen, we' zwê Menschen, de' nach hir gutt O'eren hun, dat héscht lues. Ech ge' se net verston, a misst emmer frô:

«Wat sot Der?» Dir musst mer dach Recht gin, wann ech lech son, dass dat ganz ongkammo't wär. Eh bien, dat wär ower de Fal net, wa meng Duechter geng e Man huelen, dé we' Dir, nach me' dâw wär we' éch. Wann Dir also elo meng Duechter géngt huelen, da misst er Fra hârt mat Iech schwètzen, an ech ge'ng och eppes verston an ech breicht net emmer ze fron: «Wat sot Der?» Gesit der dat ân?

**Stura** (wenkt niam Kapp «jo»): Wat ass dat en Egoist?  
**Josef:** (Kent eran mat enger Visitekart an der Hand).

**Flepp:** Also Dir krit eng le'f an eng sche' Fra, wann Der et huelt, Duerfir garantéeren ech lech.

**Josef:** D'Sâch ass we' et schengt an der Rei. Dann hun ech elo zwê Dâwer um Pélz.

**Stura** (op der Seit): Wat sot en? Eng le'f, sche Fra. Soll se dann ire kê Bockel hun.

**Flepp:** Dat ass also ofgemäch. Ir ech lech menger Duechter ower firstellen, musst Der nach ewe'neg Toilett man. (Weist op d'Dir lenks): Git do eran. Do fann Der alles, wat der braucht.

**Stura** (fir sech): Dat ass nun alles sche'n a gutt, mè ech sin nun êmol net dâw. We' soll ech mech do eraus ze'en.

**Flepp** (dréckt en zur lenker Dir eraus): Tommelt lech ewe'neg. Wat Der braucht, dat leit alles dobannen. (Stura of.)

## IX. Scène.

**Flepp** (ganz zefritten): Ecli hu jo gewosst, dass ech e ge'f fannen, den Edem den ech mer gedrêmt hun. (Geseit de Josef): A du bass do, Josef? Déck den Desch se'er fir mech. meng Duechter an hire Fiancé. D'Sâch ass an der Rei. Jo, du brauchs net eso' domm ze kucken. Ech hun en endlech font. En huet directement jo gesot. An elo ass en drun, sech ewe'neg proper ze man.

**Josef** (op der Seit): Dir sit och e properen.

**Flepp:** Wat gelift?

**Josef:** Neischt.

(Eng Konschtpaus.)

**Flepp:** Wat hues de do? Eng Kart?

**Josef:** Jo, t ass ên do de gère ge'f mat lech schwètzen.

**Flepp** (kuckt op d'Kart): Himmel!

**Josef:** Wat ass?

**Flepp:** Wo' ass en? Se'er. Ech ge'ng gér gleich mat em schwètzen. (Rechts of.)

## X. Scène.

**Josef:** Ass de verréckt? Dann hätt ech ower nach le'wer kén' Edem we' den dâwen Hiecht. O Mamm, ech bedaueren nemmen d'Joffer Këtty. Ech hu gemént, den Hèr Flepp wär dâw, mè de Flotteritz ass jo nach me' dâw. An duerfir well' ech och guer net hun, dass en d'Joffer Këtty krit. We'negs-tens eso' läng, we' ech hei am Haus sin, dat kann ech em-garante'ren. (Rechts of.)

## XI. Scène.

**Stura** (kent lenks era lâchen): Wat eng Chance. Wien hätt geduecht, dass nei Këtty dem ale Gèck sei Medchen wär. An't ass ower eso'. A wat nach besser ass, mir si schon ganz am Rèngen. Mè elo muss ech man, dass ech mech net ver-flappen, bis mer bestuet sin. Da kann den Ale mer kommen.

## XII. Scène.

*Stura, Josef.*

**Josef** (kent eran): T get emmer besser. De Verstand bleiwt engeni ston; we' ass et nemme me'glech, d'Joffer Këtty ass we' et schéngt ganz ageholl vun dem Déckkapp do!

**Stura** (op der Seit): Nondikass, soll ech dem keng op de Bâk schlön?

**Josef:** Ech begreife net, wo' ên sei Medche kann ewech gin, fir eso' ê polnesche Prisongsschesser. Mè wann hat dermat zefritten ass, da muss ech et am Enn och sin.

**Stura** (reift sech ganz opgerégt d'Hènn): Elo get et Zeit.

**Josef:** Wat grommelt den do? O Mamm, wat mecht en e puer Aan! Mengs de, Männchen, du ge'ngs mer domat Angscht man. Ekeléche Mensch?

**Stura** (lëft dohin a schle't dem Josef eng op de Bâk!)

**Josef:** Au, wat hätt Dir gér?

**Stura** (en hét em nach eng): Ech sin en ékeléche Mensch, net?

**Josef** (erschréckt): O Mamm, en huet alles gehe'ert. (E setzt sech op de Kanapé.)

**Stura:** Jo, ech hun alles gehe'ert, wèll ech he'eren eso' gut we's du. Mè fir den Hèr Flepp sin ech dâw, verstan? Wanns de mech verre'ts, da gett en emol èppes vun dir gewuer. Dorop kanns de dech verlössen.

**Josef:** O, sot nemmen neischt. Soss ruine'er Der mech: wèll Dir musst wissen, dass ech mat fofzenghonnert Frang an sengem Testament stin.

**Stura:** Bong. -- En Dengscht ass den auere wèrt.

**Josef:** Zenter dass ech wéss, dass Der net dâw sit. Hèr Flotteritz, gefält Der mer ganz gutt, an ech hun och neischt me' derge'nt, dass Dir d'Joffer Këtty krit.

**Stura:** Wat e Gléck, dass dc neischt derge'nt hues.

(Eng Stem hannert der Bün): Josef! — — — Josef!

**Josef:** Do kent mein Hèr. Huelt lech anuecht. Traut em net; wèll wann Der lech verot, ass alles verluer.

**Stura:** Virécht net! Ech wèrt meng Sâch scho gut man.

**Flepp** (hannert de Kulissen): Josef! — — — Josef!

**Josef:** E rifft mech fir den Desch ze decken. Git Dir eso' lâng an de Gart spaze'eren. Wann ech lauden fir z'iessen, da mächt Der grad we' wann Der neischt gehe'ert hätt a bleiwt wo' Der sit.

**Stura** (gêt): Gutt! (E kent erem): Mè vergies ower net, dass ech zenter de Muergen neischt giest hun. Ech hun Appetit.

**Josef:** Gewess. Dir kennt lech drop verlössen, dass ech geschwen ruffen. (Allen zwê durch d'Mett of.)

### XIII. Scène.

**Flepp** (vu rechts): O Wonner iwer Wonner! 'T gêt neischt iwer den Elektro-Akustiko-Galvanismus. Gro'sse Man! Sége vun der Menschhet. Ech si gehélt. Ech sin total gehélt durch den Elektro-Akustiko-Galvanismus. Gehélt à la minute durch de berühmten Dokter, den Engel a Menschegestâlt. Dem setze mer e Monument — — Wat son ech, è Monument, nén honnert. (E setzt sech bei den Desch.) Mè we' gin ech dem Polak, dem Flotteritz elo lass? De wèrt dach hoffent-lech gesin dass mir elo gehelleft ass! — — En dâwen Edem — — Do misst ech io scho verréckt sin, fir menger Duechter den obzebentelen. Nén, Hèr Flotteritz, dat gêt net. Ech wor nun émol eso' domm fir e fir de Metteg ze invite'eren. Elo kann ech wuel net aneschit, ech muss mech der Decken no strecken. Mè d'Këtty krit en net ze gesin. Duerfir garante'eren ech em. En esst mat mir eleng. An da gin net vill Fischiatente geinacht. Wann dat em net gefällt, da geheien ech en einfach eraus. ('T he'ert ên eng Klack lauden.) Oho, wat ass dat? 'T wèrt dach kén Aéroplan an der Lucht sin. (E gêt bei d'Fenster.) Ah 't ass d'Klack fir z'iessen. (E wenkt.) Hal op. 'T ass genug. Den ongleckeleche Mensch. E léft am Gart eremmer a liest d'Zeidong. De muss neischt gehe'ert hun. Alia, do gêt de Josef e ruffen. De brâwe Josef. Wat wèrt de fro' sin, wann en he'ert, dass sein Hèr net me' dâw ass. De' trei Se'l. (E mecht d'Dir op a rifft an de Gârt.) Josef! — — Josef! Dajé.

### XIV. Scène.

**Flepp, Josef.**

**Josef** (kent eran, an der enger Hand en Zoppekompl. iwer dem Arem en Deschelduch an Zerwe'ten, an der anerer Hand drei Telleren, Leffelen, Messeren a Forschetten; en deckt den Desch.)

**Flepp** (setzt um Kanapé a liest an enger Zeidong. E reselt vun Zeit zu Zeit de Kapp a fénkt iwer eng Weil — wann de Josef férdeg ass mam Desch decken — hârt un ze lâchen.)

**Josef** (bekuckt de Flepp): A wat ass dann elo erem lass? Soll den ale Grandkapp den Eustachische Ro'er font hun oder ass e verréckt gin?

**Flepp** (verwonnert): Wat? (Fir sech, iwerdem wo' e ronderem sech kuckt): Fir wien ass dat?

**Josef:** Do, d'Zopp stêt um Desch. Elo kann et lass gon. Dat kann elo Frét gin mat denen zwê dâwen Hénnessen.

**Flepp** (fir sech): Ech sin dach eleng hei bannen. Soll dat alles fir mech sin?

**Josef** (iwerdem wo' en of gêt): Wann ech net mat sofzeng-honnert Frang an dengem Testament ste'ng, Alen, da kennst de mer scho lâng de Bockel eraläfen. Dat begreifs de dach, net. (E gêt — nodem dass en de Stura zu der Dir an der Mett era gelos huet — of.)

### XV. Scène.

**Flepp, Stura.**

**Flepp** (fir sech): Dat wor also alles fir mech. Wart, Jong, wart du freche Bo'f. Du wors elo lâng genuch bei mer. (Geseit de Stura.) An dir och, dorop kennt Der lech verlössen.

**Stura:** 'T ass eng gut gesond Loft dobaussen. 'T kritt ên Appetit.

**Flepp** (op der Seit): Wär ech dem gutt lass (Zum Stura): Ech wellt dir hätt de Krätz. Kommt huelt lech Plätz. (Si setzen sech.)

**Stura** (esst e Leffel Zopp. E verbrennt sech de Mond a le'st de Leffel op den Teller fâlen): Nongzéngpies, d'ass wârem.

**Flepp:** Hätt Der lech d'Strass nemme verbrannt.

**Stura** (op der Seit): Wat en impertinente Mensch. (Dat Folgend gett alles geschwât iwerdem wo' se iessen.)

**Flepp:** Elo gett en och nach frêch.

**Stura:** Dat do ass mer en artleche Schwe'erpapp.

**Flepp:** Ech dei Schwe'erpapp? Du Bodé. Ech ge'f nach le'wer engem Honolulu mei Médche gin, we' dir.  
**Stura:** Dat do ass onerhe'ert. (En hällt op mat iessen.)  
**Flepp:** Hei, hu Der es scho genuch. Dir braucht lech ower net ze gene'ren, mächt grad we' wann Der dohém wèrt. (Op der Seit): Wèrt der nemmen dohém.  
**Stura** (fänkt erem un z'iessen. No enger Paus hârt): Hun ech vleicht d'E'er, d'Joffer Këtty ze gesin?  
**Flepp:** Dat geng och nach grad félen. Fir dass ech lech gur net me' geng lass gin. (E schellt.)

## XVI. Scène.

**Josef** (kent eran mat engem Plöttel Gromperen, enger Zaletchen Zalot an engem Pla Flésch. En hellt d'Telleren an d'Leiffelen ewéch, an zerwe'ert dat anert. Iwerdém schwètzet en op der Seit): Elo setzen se do ên den aneren mat hiren domme Gesichter ze bekucken. Den Alen huet secher e Vortrag gehâlen iwer den Elektro-Akustiko-Galvanismus. 'T ass dael: gutt dass d'Polver erfont ass, 't hätt sicher ê vun hinnen zwê sech dru gin. (E gêt of mat de Sâchen.)  
**Stura** (huet guer net uecht gin wat de Josef sot. En esst ganz se'er, we' wann en ausgehängert wär.)

**Flepp:** Wat e frechen, gemengen, miserabelen Hond. Dat ass den Dank derfir, dass ên eso' en Sujet eso' gut gehalen huet. (Bekuckt de Stura): Nu kuck we' dé fresst. Dat do muss ophéren. (E schellt, de Josef kent eran): Hei, huel dat elei ewech. Den Hêr ass wuel nach net fèrdég, mè dat mécht neischt. Dé ge'ng mech jo arem friessen.

**Josef:** Wat e Kneckjang.  
**Stura:** Dat do ass e we'neg ze vill starek. (E stêt op.)  
**Flepp** (stêt och op): Hei, sit Der sât? Tant mieux. Da gin ech lech elo lass. (Zum Josef): Josef, breng d'Zigaren. Eng Ha-vanna fir mech a fir den do eng wo' ên der fennef fir e Su krit. De' sin nach ze vill gut fir den.

**Stura** (ganz opgerégt): O wârt!  
**Josef** (zum Stura): E stêllt lech op d'Pro'f. Hâlt aus. Ech ge'f en zum Beispill nach ganz aneschter trakte'eren, lauschtert emol, eso'.

**Flepp** (op der Seit): Elo ass d'Deppche voll.  
**Josef:** Du ale Wandbeidel, elo kanns de erem rachen. Mè ech wèrt scho suergen, dass d'Kirech am Duerf bleiwt, soss gengs de nach bei all denge gudden Zigaren meng fofzenghonnert Frang mat verrachen. Ech hu se duebel verdengt bei dir alen Tuddeler.

**Flepp** (lëft bei de Josef a facht em eng): Do, du Lemmel.

**Josef:** Au, wat gêt lech un. Hèr?  
**Flepp** (opgerégt): Du ge'ngs mech nach ganz anescht trakte'eren, net? Ech sin en ale Wandbeidel, gelu? An uni de' fofzenghonnert Frang hèss de mer ewéll läng opgesot, hé? O io, du hues se duebel verdengt bei mir alen Tuddeler.  
**Josef:** O Mamin, en huet alles gehe'ert?  
**Stura** (zum Flepp): We' huet Dir alles gehe'ert?  
**Flepp:** Vu vir bis hannen. Ech kann lech eso' guer all de' sche' Komplimente repete'eren, de' der lech erlapt hut mir ze soen.  
**Stura:** Mè sit Dir dann net dâw?  
**Flepp:** Zenter enger Ve'arelstonn net me'. Wèll 't wor e berühmte Spezialist hei, de mech gehéilt huet.  
**Josef:** Me wuerfir hu Der ons dann neischt gesot?  
**Flepp:** Wât dech ugêt, kuck dass de se'er elei eraus kenns, an e we'neg wif.  
**Stura** (zum Josef): Dat mecht neischt, da kenns de bei mech.  
**Flepp** (hârt zum Stura): An Dir kennt och gon, wo' Der hir sit kom.  
**Stura:** 'T ass net ne'deg, dass Der eso' brellt, ech verstin lech ganz gutt.  
**Flepp:** We'? Well Der mer och elo nach ophenken, dass Der nei dâw sit?  
**Stura:** Ech he'eren eso' gutt ewe' Dir. Mè ech wor force'ert mech dâw ze stêllen, e'schtens: we'gent Erer Roserei an zwétens: fir Eren Edem ze gin. Wèll Dir musst wissen, dass d'Sâch teschent Erer Duechter a mir scho läng an der Rei ass. Ir ech lech emol kannt hun, hat ech schon d'E'er an d'Cileck, mat Erer Duechter ze freien, an ech hoffen, dass Der mer elo grad eso' gutt gesent sit we' fir enger halwer Stonn.  
**Flepp:** Nên. Doraus get neischt. Voilà tout. Ech soll engem Polak meng Duechter gin. Ech sin emol net am Stand Eren Num richteg auszesprechen.  
**Stura:** An desem Ponkt kann ech lech och zefridde stêllen. Ech sin grad eso' we'neg e Polak we' Dir e Russ, an ech ka iner schméchelen en échten ale letzeburger Num ze hun, wèll ech hësche grad we' mei Papp a mei Gro'sspapp, nämlech Harry Stura.  
**Flepp:** Dat ass nun alles sche'n a gutt, mè Dir sit nun êmol net den Edeim den ech mer gedrêmt hun. Iwerhâpt meng Duechter ass nach vill ze jonk fir sech ze bestueden. 'T zilt ên d'Kanner enner ville Suergen op, d'bësch Jôren vuim Liewen gett ên hir, fir se ze zillen, a wann ên se eso' weit bruecht huet, dass se op liiren égenen Fe'ss kenne ston, da soll ên dem e'schte fir de bëschte Wandbeidel se gin. Sit Dir net recht gescheit?  
**Stura** (ganz ierscht): We' ech lech haut fir d'e'scht gesin hun. Hèr Flepp, du huet et mer se'er lêd fir lech gedon. Ech hun

èppes gefüllt, wat jidfer Mensch fille muss, den èn anere geset, den en uerge Féier huet. Dir mengt, Dir wërt gehélt, an Dir sit fro' dass der erem he'ert, mè mirkt Der dann net, dass Er Krankhét net ze hèlen ass, an dass Ere Féier nemme grad op eng aner Plätz gezun ass. Wòrt Der lo e'nescht dàw díurch e Féier am Organismus; Er Dåwahlét fir d'Wider vun engem Mensch den et gutt mengt mat lech a mat Erer Duechter, dé huet en anere Grond; wèll dat kent aus dem Hierz, aus der Se'l, Dir huet we' et schléngt, kén Hierz, an dat ass e Féier, den net ze hèlen ass, — och net díurch e berühmten Dokter. Et dét mer se'er lèd fir lech.

Flepp: Mengt Dir dann, ech hätt de Frechhètēn vun elo e'nescht vergiess?

Stura: Ech hun dat am Jérger gesot, A wann der bedenkt, wat Dir zu mir sot, da musst Der dach zo'gin, dass d'mësch Schold un lech leit. An o'ni díurno ze kucken, bieden ech lech nach derbei, mer ze verzeien.

Flepp (läch): Dann huelt fir d'e'sicht de' Wider «impertinente Mensch» a «grobe Flegel» zreck.

Stura: Dat man ech gèr. Ass dann d'Sach an der Rei?

Flepp (läch): Enner ons gesôt, hun ech io guer neischt dergeint, wèll wann Der gehe'ert hätt, wat ech zu lech sot, dann — Hahaha!

Stura: A wann Dir gehe'ert hätt, wat ech lech gentwert hun Hahaha!

Flepp: Kén vun ons allen zwé wor dàw.

Stura: De' Geschicht ass ze vill gutt.

Josef (stellt sich an d'Mett): De Späss ass net ze bezuelen.

Flepp (zum Josef): Wat hues du nach eso' eselléchen elei ze schlessen, mäch dass de hei eraus kens, du Dagde'w.

Josef (zum Stura): A meng fofzenghonnert Frang? Ech si ruine'ert.

Stura (zum Josef): De' gin ech der bei menger Mariage.

Flepp (zum Stura): Hei ass meng Hand, du bass den Eden, den ech mer gedrémt hun. (Si gin sech d'Hand a gin of, de Josef hanniendrun.)

(RIDO.)

N. B. Ze bemirken ass, dass de Flepp, we'scho gesot, durch d'ganz Stéck starék tuddelt, och nodém dass en erem he'ert.